



Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Famill- an Integratioun, Corinne Cahen, an der Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 5832 vun den Hären Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen iwwer behënnertegerecht Toiletten

Eis Gesellschaft, wéi och déi verschidden Aarte vun Handicap, ass villfälteg. Dës Diversitéit ass eng grouss Chance, déi eis och all Dag op en Neits virun eng Hellewull vun Erausforderungen stellt, déi mir awer ganz gär unuelen.

Ee Wee, fir deen Challenge unzegoen, ass den "Design for all". De Familjeministère versicht, de Prinzip vum "Design for all" an all seng Projete mat afléissen ze loossen. Den "Design for all" ass eng Aart a Weis, fir Produiten an eis baulech Ëmwelt sou ze gestalten, dass si vu méiglechst ville Mënsche kënnen genotzt ginn, an dat onofhängeg vum Alter a vun de Fäegkeete vum Einzelnen.

Eng opklappbar Sëtzbank, déi net an der Héicht verstellt ka ginn, entsprécht leider net dem Prinzip vum "Design for all". Inkontinent Jugendliche oder erwuesse Persounen, déi sech net ouni d'Hëllef vun enger Drëttpersoun d'Wëndel wiessele kënnen, hu ganz oft e kierperlechen Handicap, deen et néideg mécht, dass si op d'Bänk gehewe mussen ginn. Ouni Patientenheber ass dëst oft onméiglech.

Sou riskéiert een och, dass d'Leit mat enger Behënnerung sech op e gewëssenen Ekipement verlossen, dee si dann awer net notze kënnen, wa si op der Plaz sinn. Et riskéiert een also, dass d'Leit ouni hiert üblecht Material op eng Plaz ginn an a Schwierigkeete geroden, wa si d'Wëndel vun enger Persoun wiessele mussen.

Am Accessibilitéitsgesetz vum 7. Januar 2022 ass ënner anerem virgesinn, dass all ëffentlech Toiletten bannent vun 10 Joer konform mussen sinn. Allerdéngs handelt et sech ëm "normal" barrierefräi Toiletten; eng automatesch héichteverstellbar Banquette stellt eng gréisser Investitioun duer, zemoools wann déi op all ëffentlech Toilette gebaut sollt ginn. Op enger net iwwerwaachtener Anlag ass de Risiko vu Vandalismus extrem héich.

D'Accessibilitéitsgesetz trëtt den 1. Juli 2023 a Kraaft. Säin Haaptzil ass et, e Moyer ze hunn, fir géint d'Diskriminatioun vu Leit mat enger Behënnerung unzegoen, wat hir Méiglechkeeten ugeet, fir verschidde fundamental Rechter a Fräiheeten auszeüben. An dësem Fall schwätze mir vun hirem Recht, fir sech fräi ze bewegen. Méi konkret geet et drëm, fir ze vermeiden, dass behënnert Leit zu Lëtzebuerg net kënnen vu verschiddene Servicer profitéieren, well d'Gebaikeeten, an deene sech de Service befënnt, fir si net zougängelech sinn.

Am Kader vun dësem Gesetz ass och virgesinn, dass d'Leit nei Moyenen an d'Hand kréien, fir géint Diskriminéierung virzegoen: Vum 1. Juli 2023 u wäerte si z.B. d'Méiglechkeet kréien, fir eng Demande d'aménagement raisonnable ze maachen, an et sinn och staatlech Subventiounen virgesinn, fir de Prozess vun der "Mise en accessibilité" vun de besteende Gebaier ze beschleunegen.

Wat d'Ëmsetzung vun der UN-Behënnerterechtskonventioun ugeet, muss ee wëssen, dass d'Konzept vum Aménagement raisonnable, deen ni eng Charge disproportionnée duerstellen dierf, och sou an der UN-Behënnerterechtskonventioun virgesinn ass.



Et bleift awer, dass et e Besoin fir behënnertegerecht Toilettë mat engem Wéckeldësch fir Erwuessener gëtt an dass et wichteg ass, e Wee ze fannen, fir d'Unzuel u sou Toiletten an d'Luucht ze setzen.

D'Adapth, den nationale Kompetenzzentrum fir d'Accessibilitéit vun ëffentleche Plazen a Gebaier, ee vum Familljeministère finanzierte Service, bitt jidderengem, deem d'Méiglechkeet an d'Plaz huet fir sou eng Toilette ze bauen oder ëmzebauen, eng kompetent Berodung un.

Sou huet d'Adapth z.B. och d'Stad Lëtzebuerg 2021 an hiren Demarchen an der Sich no gëeegente Plaze fir sou Toiletten ënnerstëtzt a beroden. Säit Januar 2022 huet d'Stad Lëtzebuerg e Wéckeldësch fir Jugendlecher an erwuesse Leit a sengen ëffentlechen Toiletten um Glacis. D'Spillplaz "Beim Pirateschëff" an der Avenue Monterey gëtt momentan frësch gemaach. D'Stad Lëtzebuerg wëll dovu profitéieren, e Wéckeldësch an den ëffentlechen Toilettë vun der Spillplaz z'installéieren.

Lëtzebuerg, den 31.03.2022

D'Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen